avec les partisans

AU DANEMARK :

avec la résistance

AUX PAYS-BAS :

avec la résistance

EN NORVÈGE :

avec les partisans





EN ALSACE :

avec la 1^{re} armée française

EREM DOHÉM


LETZEBURG ass nés frei! Radio London huet et gemellt. "An onbänderger Fréd falen ech mengem Komerod, dé mir de' gudd Nouvelle iwerbruecht huet, em den Hals. Elo könne mer nés hém goen, no 3 lánge, schwe'ere Joeren endlech nés hém!"
 Zu ronn 80 Mann, alles „Wehrmachtsflüchtlinge“ oder Jongen, de' virun der Wehrmacht fortgelaf woren, warde mer op onsen Auto, irgendwo' an enger Stát a Frankreich.
 Mat vitesse gét et no Norden. Et schengt we' wann eso'guer de Chauffeur vun onser Ongedold, me'glechst hurteg hém ze

Vagabundegezei, matt der Flónt oder der Mitraillette am Grapp, eng Pisto'l am Rimm. Motorise'ert Zigeiner? Nén, Partisanen, de' d'Preise gesicht a verfollegt an nie fond haten-well d'Fielsen an d'Hecken an d'Böscher se dem A vun der Gestapo entzun haten. Si sin dohém ukomm, d'preisescht Gewier, dat se aus der Kasäre mattbruecht haten, iwer d'Schóller, an hir Mamm, wa se nach dohém wor, ass erschreckt, wa se hire Jong erömgesin huet, dén se op den e'schten Abléck bal net erkannt huet. Mé vill hun der hir Mamm net dohém fond...
 Dat si net Phantasiegespenster vun engem hirverbrannte



kommen, ugestach wir, well hén helt aus dem Camion eraus wat gét.
 Mir sin op der Grenz ukomm. Virun engem, virun zwé oder drei Joer si mer hei an ömgeke'arter Richtong pas-se'ert, net an engem offene Won, net matt engem Lidd op de Löppen, net matt Gléckse'legkét am Hiérs. Nén, demóls si mer hémlech bei Nuecht oder om de fre'e Muergen geduckt durch de Böscher geschlach, vun engem Bam zum aner, d'Pisto'l am Grapp, berét, am No'tfall onst Liewen eso' deier we' me'glech ze verkafen. So' change'eren d'Zeiten...
 Zu Pe'teng fle'en d'Diren op, mir sprangen eraus, fillen nés letzeburger Buedem önnner de Fe'ss, d'Angscht, den Drock si fort, a voller Dankbarkét erte'nt d'Hémecht an den Nuechthimmel.
 Enzel gét jidderén hém. De' e'scht Fréd ass fort. Elo könnt de' gro'ss Enttäuschong: Dohém könnt kén d'Dir opman. Op dem Schlass hénkt e Schöld: Umgesiedelt.
 Dat ass eng Szen.
 Mé och hei am Land selwer, wo' dausende vu Refraktäre verstoppt woren, sin d'Jongen nés hém gängen, an hir Fréd wor net manner gro'ss. Erönnert der iéch nach, we' direkt no der Liberatio'n e gro'sse Camion matt Jongen, de' am E'slek an de Böscher oder bei de Bauere verstoppt woren, an der Stad uko'm. Vir op de Schutzblecher hunge se, uewen om Däch so'tze se, matt lánge Bärt, fatzegem bonte

Lenks uewen : Am Zug no hém · Rechts uewen : Ons Jongen aus dem Belsche-Maquis kome hém · Enen : Den 10 000^{sten} Rapatrie'erten göt op der Gare zu Letzeburg vun onsen Prinzessinen empfangen.



Une délégation de la ligue prenant part au défilé de la victoire
 *
 A Metz le 12 août 1945, la ligue est passée en revue par le Général de Latre de Tassigny
 *
 La batterie luxembourgeoise défile devant la Grande-Duchesse

Mondsüchtler, eso' ass et honnerte vu Jonge gängen, de' no der Liberatio'n an hir Hémecht zréccko'men. Si hu sech verlöss gefüllt, we' net an de schwe'erte Stonne vun hirer Deserteurszeit. An d'Liewen heihém wor net beschäfen, fir datt si sech nés hurteg aliewe konnten. Si wore friem an hirer égener Hémecht. Op Schratt an Tratt si s'op Schwierig-kéte gesto'ss, de' hinnen de Mutt an d'Fréd geholl hun, a muenecherén huet schons hémlech bei sech den Entschloss gefásst, nés zu dem Liewen zréc-zegoen, aus dem e grad ko'm.

Aus der Stömmong eraus ass d'Ligue Ons Jongen entstanen. Fir d'e'scht woren et nömmen e puer Komeroden, de' sech owes zesummefont hun, sech ge'geseiteg ausgesprach a sech hir Er-liewnösser verzielt hun. Mé bei dém klengen intime Club ass et net bliwen. Ommer me' sin der bei kumm, a geschwönn woren et der honnert, dausend, e puer dausend. An du hu se sech an enger fester Organi-satio'n zesummegeschlossen, d'ganz martyrise'ert letzeburger Jugend, fir hir Interessen selwer ze vertriéden, a fir hire Komeroden, de' nach no hinnen hém komme sollten, dat z'erspuren, wat si selwer den e'schten Ament dohém empfond a gesin haten.

Nodém dun all Jongen aus der Belsch an aus Frankreich rapatrie'ert woren, an nodém de Rundstedt vun den Allie'erte nés a seng germanesch Hémecht zrécckgejet wor, du ko'men d'Jongen, de' net d'Chance haten virun der Liberatio'n deserte'eren ze können, och aus Deitschland an aus der allie'arter Gefängenschaft hém. Lues ass et muenechmol gängen, lánge huet et dack gedauert ir d'Jonge aus de Lageren erausgeholl an hémgefe'ert go'ven, iéwer si ko'men dach endlech gudd dohém un. Et wor all Ke'er eng gro'ss Fréd op der Gare zu Letzeburg, an an den Grenzuertschaften, wann d'Jongen durchgefuer resp. ukom sin. An dohém an de Familjen huet d'Gléckse'legkét kén Enn fond iwert e Kand, dat no lánge Joeren Irrfahrten endlech nés am Hafan geland wor.

Erönnere mer och ganz kurz un de' erhebend Feier, we' d'Letzeburger Batterie uko'm an durch ons Grande-Duchesse an enger prachtvoller Manifestatio'n om Glacis empfangé go'f. Dat waren ons daper Jongen, de' bis un d'Zänn bewaffnet iwer de Kanal gefuer ko'men an sech de Wé no hém mal Gewalt erzwoengen haten.

Erönnere mer och un ons Komeroden vun Tambow, op de' dausenden vun Elteren eso' lánge gewart an em se gebängt haten. We' Géschter aus enger friémer Welt hun si hir Hémecht erem gesin. Si háte vleicht dat Schrecklechst vun ons all gesin: d'Hell vun der Ostfront an lánge Joeren Gefängenschaft an engem friéme Land, dém seng Spröch si net verstanen hun, an engem friéme Klima. Hir Fréd ka kén sech virstellen, den net dat selwecht matgemächt huet.

Aus alle Richtongen ko'men se, aus alle Länner, vun alle Kontinenter, Amerika, Asien, Afrika. D'hallef Welt huet d'letzeburger Jugend gesin a „berést“ an engem Zeit-raum vu kaum 5 Joer.

All woren se fro' nés hém ze goen, an de klengen Eck, wo' se d'Sonn fir d'e'scht gesinn hun, wo' hir Mamm op si gewárt huet, a wo' si fir d'e'scht engem Médchen gelácht hun.





10. septembre 1944. Les Américains venaient de libérer la plus grande partie du territoire luxembourgeois, lorsque la population de Vianden attendait avec impatience et ferveur l'arrivée des troupes victorieuses. Hélas, ce fut une cruelle déception. Les avant-gardes des troupes américaines avaient pénétré seulement jusqu'à Fohren, alors que Vianden était devenu „no'mans'land“. A peine une jeep américaine s'était perdue dans la vieille cité que la résolution d'une défense active contre l'agresseur en fuite naquit dans l'esprit des jeunes réfractaires à l'armée allemande. La preuve en fut donnée dans les premiers jours à l'occasion du retour d'une patrouille de reconnaissance de la part des prussiens. Ce groupe qui se composait de sept hommes, fut anéanti jusqu'à quatre.

C'est en ce moment que la résolution d'une résistance organisée devint de plus en plus ferme. Sous les directives de Victor Abens, chef de la milice et du gendarme Kieffer, comme organisateur de la défense militaire, se construisit peu à peu un système de défense qui, dans l'avenir, devait faire subir des pertes sensibles aux Allemands. Tantôt il s'agissait de faire sauter le pont de Bivels, qui fut utilisé par les Boches pour tyranniser la population frontalière, tantôt ce fut l'alarme donnée contre un acte d'agression en masse.

Tel fut le cas le 19 novembre. Lors d'une mission de reconnaissance à Bettel une patrouille allemande, se composant de 11 hommes, fut surprise et presque entièrement anéantie. C'est à partir de ce moment que les Boches ne pensaient qu'à la revanche. Ce fut le fameux 19 novembre que les Allemands avaient choisi pour régler le compte. 250 SS voulaient prendre d'assaut la petite ville et réduire au silence ses défenseurs. Mais ils se heurtèrent à une résistance farouche des miliciens, retranchés dans des „Bunkers“ et des positions de défense, de sorte qu'ils ne pensaient qu'à s'enfuir après la perte de 18 hommes (selon les dires des troupes allemandes lors de leur grande offensive en décembre).

La milice de Vianden devait payer un lourd tribut. Un des meilleurs, Léon Roger, réfractaire depuis 1941, tombait sur le champ d'honneur, se sacrifiant pour sa patrie. Cinq autres furent grièvement blessés.

C'est à la milice de Vianden que revient notre admiration profonde; cette milice, qui durant 3 mois et dans les circonstances les plus difficiles n'a jamais perdu courage et a montré à l'adversaire qu'elle est le représentant d'un peuple qui sait combattre pour ses idéals démocratiques.

l'Jongen aus der Veianer Miliz ennert der Lédong vum KZler Abens Vic an dem Gendarm Kieffer, de' onst Land vum Norden hier bei der Rundstedtoffensiv gént 250 SS verdedegt hun



DEN 1. September 1942 steipt sech Letzeburg mat aller Gewalt ge'nt de Preiss, fir seng Jongen a fir seng Freihét. We' am Hierscht d'Blieder vum Bám fâlen, de be'se Wand se hól't a fort'dre't, so' go'we mir all vun dem schwe'erste Stuerm, dé jé iwert onser Hémecht geróst huet, an d'Welt verdrüwen a verjot, an so' we' d'Villercher am Frejoer vun hirer deischerer Wanterrés erem hémfle'en, eso' si mir och nés hémkomm fir am neie Fre'joer vun der Freihét an onser Hémecht derbei ze sin. Den 1. September 1945 hun zo' Letzeburg 5000 Jongen defile'ert; 5000 waren et der, en Dél vun déne Jongen, de' vun de Preisen fir d'Wehrmacht mobilise'ert go'wen. A wié vun iech d'Gléck net hát, dun an der Stát derbei ze sin, dé kann sech ké richtegt Bild máchen iwer d'Journée „Ons Jongen“.

Den Optakt zo' de Feierlechketen go'w d'Metzer Militärmusek. Eng Délégatio'n vun „Ons Jongen“ zesumme mat der Compagnie de Garde an hirem stramme Leutnant Dominique, hu Freides ge'nt ve'er Auer d'Musek op der Gare empfäng an owens war d'Place d'Armes ze kleng fir all de' Begéschterong ze fâssen, mat dèr d'Metzer applaude'ert go'wen. De General Dody, Militärgouverneur vu Metz, hát sech et net huele geloss an huet dem Concert beigewunnt.

Regirong, auslännesch Vertrieder, ons Jongen an dausende vu Mammen a Pappen hu Samschdes muergens an der Kathedral gebied, gebied fir datt dat gro'sst Opfer, dat si an demem Krich bruecht hun, net sollt emsoss gewiescht sin.

We' d'Klacken vun der Kathedral gelaut hun an d'Sonnerie aux Morts opgeklongen ass, du stongen ons Jongen virun de Ruinen vun onsem Monument du Souvenir an si hun hárt a fest d'Nimm vun déne geruff, de' dat He'chst go'wen, „fusillés par les Allemands“, fir ons a fir ons Freihét.

An enger intimer Feier huet onse Burgerméschter, den Hèr Diderich, ge'nt Mötteg am Stadhaus d'Vertrieder vun onse Nopeschnatio'nen begre'sst.

Nomöttes sin dun ons Jongen defile'ert. Mat Spannong huet



JOURNÉE




ons JONGEN


alles drop gewart. D'Trottoiren waren gedrängt voll vu Leit aus alle Ge'genden, de' erbei komm waren fir de' ze gesin, de' elo fir d'e'scht durch e schwe'ert Schicksal an enger schwe'erer Zeit zo' enger eiserner Komerodschaft zesumme geschwéss, zesummen defile'eren fir eng sche'n, nei an éneg Hémecht, gedroen vum Stolz op hir Kanner, gebueren am Schmierz an an der bluddeger Arbecht fir eng verdéngte Freihét. E puer stramm Borschten MP, d'Metzer Militärmusek gefollegt vun onser zackeger Arme' — well si hu missen derbei sin — zwe'n Autocaren mat onse mutile'erte Jongen, eng Délégatio'n vun der Union de la Rénovation Mosellane an eng Délégatio'n vun de Maquisaren ko'men un der Spézt. An du ko'men „Ons Jongen“, 80 Sectio'ne woren et démols, a lánge, onendleche Reien sin si opmarsche'ert. 5000 Stéck woren et. A wién si gesin huet, dé séchere Schrött an de' ro'eg, ower entschlosse Gesichter, dé sot sech „Kuck, de' do hu keng Angscht virun der Zo'konft, de' hu Vertrauen an sech selwer a si gewóllt ze handelen wann hir Zeit do ass“.

Am vollgedrängte Sall vum Cercel hun si gelauscht, we' onse President, de Komerod Steil, d'Autorite'ten an de' aus-

lännesch Vertrieder begre'sst huet, we' den Hár Minist. Frieden iwer onse Jonktem geschwat an de Komerod Wolter de Leidenswé vun onse Jongen an d'Entstoen vun der Ligue beschriwen huet. Si hu gelauscht we' den Hér Venant Paucké d'Lidd vun der Freihét gesongen huet an am Géscht hun si all zréckgeduecht un de' Zeit, wo' si am Honger an am Dreck, a Russland, Italien, an Afrika oder am Maquis; un ons Komeroden, de' vun der Freihét gedrémt hun an ere'scht am Do'd d'Freihét fond hun. Si hun zréckgeduecht un de September 42, wo' ons Beschte hirt Liewe go'wen fir d'Freihét. A wann si dat gemách hun, da muss d'Freihét hinnen dach eppes onerhe'ert Gro'sses gewiescht sin, eppes dat mir emmer hidden a bewáche mussen. Jo! Hidde musse mir si, well si ass mam Bludd vun onse Beschte gedéft gin. Eleng könne mir dat net, mé mir wóllen zesummenhálen, so' we mir et op dén Dag bewisen hun, datt eso' lánge we' é vun ons do stét an e klenge Sténchen erbeidroe kann fir dat schensten Haus, ons Hémecht, erem opzerichten, da mecht hien et mat frédegem Mutt an de'wem Stolz fir onst e'wegt, énegt, freit a le'wt Letzeburg. M. R.



den
EFILÉ
rum
1 September
1946





GESONDHËT ass wuel dat
 gre'sste Gutt, wat onser Hãrgott
 dem Mõnsch geschenkt huet. An et
 ass grad an deemem Punkt, wo' de Preiss dat
 gre'sst Verbrìchen speziell un onsem Jonktem be-
 gängen huet. Net eleng Do'd a Verdierwen huet hién an
 ons Reien bruecht, mé och zu Krõppelen huet hién d'Blé'
 vum letzeburger Vollek gemat. An do entstõ'ng no'gedrongen
 en ànert schwe'ert Problem fir d'Ligue „Ons Jongen“. Et
 ass de' gross sanitãr Fro, dese Mõnschen esõ'weit e we' nemme
 me'glech hir Gesondhët eremzegin. Wat mächen? Hir Behand-
 long hei am Land war ondenkbar well keng Fachleit a keng
 Mõttel do woren. Eng Verschëckong an d'Ausland huet onme'g-
 lech geschengt, well och hei de Krich sei Wierk vollbruecht hãt,
 op der àner Seit d'Operatiõ'nen vun den Allié'erten nach net zu
 Enn woren, fir durch si et ze erme'glechen, enger de'f gepre'fter
 Jugend direkt ze hõllefen. So' ko'm et, datt d'Ligue matt de
 gre'ssten Schwierigkëten gekãmpft huet, o'ni zu engem zefridde-
 stellenden Resultat ze kommen. Trotzdem go'we mir net midd,
 fir emmer nés d'Õffentlechkët op d'Notwendegkët vun der
 Behandlong am Ausland fir ons mutile'ert a krank Komeroden
 opmierksam ze machen.



Endlech ko'm Hõllef. Uninteresse'ert Leidd, vum Léd vun
 dénen Àrmsten an dénen ongeheiren Dëmarchen vun der Ligue
 fir hir onglecklech Komeroden zu de'fst gere'ert, greifen nun
 an. Den Dr. René Schroeder wor den e'schten vun desen
 „Helfer in der Not“. Senger gleecklecher Hand ass et ze ver-
 danken, datt d'Le'song fond go'w. Sengem onermiddlechen
 Asãtz ass et endlech gelongen, de Wé frei ze mächen, fir onse
 Mutile'erten de' gre'sst me'glech Chance ze gin, hir Gesondhët
 erem ze gewannen. Den e'schte Schrõtt wor gemãt, Dire von
 onsem Gouvernement hun sech opgedon dank dem Agreifen vun
 onsem sympatheschen Minister, dem Hér Guill Konsbrück. Dank
 senge Relatiõ'nen war et him eng Lichtegkët durch d'Inter-
 ventio'n beim Colonel Frazer den Drãm vun der Ligue an
 d'Wirklechkët emzesetzen. Scho sinn de' e'scht Convoi'en mat
 Mutile'erten fortgãngen ennert der secherer Ophut vum Hér
 Dr. Schroeder. Onentgeltlech, eleng matt der
 Hõllef vun der Ligue „Ons Jongen“ an trotz
 professioneller Iwerlãschting ass de „Papp
 vun onse Mutile'erten“ um Wierk, fir emmer
 nés nei Me'glechkëten ze fannen, fir de' gro'ss
 an nobel Missio'n bis zum Enn durch-
 zefere'eren. Matt Stolz kõnne mir haut d'Bilanz
 ze'hen. Iwer 100 schwe'erst Fãll go'wen an
 den amerikanische Lazaretten vu Bar-le-Duc,
 Commercy a Reims vun déne beschten ameri-
 kaneschen Spezialiste behandelt, de Jongen
 d'Gesondhët zum gre'ssten Dël erem ginn, an
 domatten Gléck an Zefriddenhët an hir Reien
 bruecht. So' léft haut eng vun déne sche'nsten
 an nobelsten Actio'nen am Dengscht vun der
 Hémecht, un der Spetz de Papp vun onse Mu-
 tile'erten. Mir soen him merci. E merci awer
 och onsen amerikanische Frõnn, dem Colonel
 Frazer an den amerikanische Spezialisten, de'
 de Jongen hir Gesondhët eremgeschenkt hun.
 Onsen Dank hinne vis-à-vis hu mir gemengt
 am beschten zum Ausdrock brengen ze kõnnen,
 we' mir am Numm vun de Patienten de 5.
 September dem Colonel Frazer bei sengem
 Abschied e gro'sst sche'nt Bild vun onser
 le'wer Grande-Duchesse mat hém gin hun.


A. Steil.

*He'ge Besuch bei onse Mutile'erten -
 Majo'er Schumpf, Chef vum amerika-
 neschen Lazarett zo' Bar-le-Duc a Be-
 glédong vum Dr. René Schroeder -
 D'Ligue "Ons Jongen" besicht hier
 Komeroden am Spidol zu Reims.*

ONS MUTILE'ERT a Behandlong

DÈS la libé-
 ration du Grand-
 Duché de Luxembourg
 et la fuite des nazis la
 question de trouver un trai-
 tement chirurgical approprié pour
 nos mutilés de guerre s'imposait
 d'urgence. Ce fut une fois de plus la
 Ligue „Ons Jongen“ qui intervint. Malgré
 les insurmontables difficultés qui semblaient
 rendre la tâche impossible l'ésprit ardent et tenace
 de la Ligue remporta la victoire; car grâce à sa
 propagande appropriée elle réussit à convaincre quelques
 hommes de bonne volonté, qui dans un désintéressement
 complet se vouèrent bientôt corps et àme à la noble cause: Ce
 furent Monsieur le Ministre G. Konsbruck et le sympathique
 Dr. René Schroeder. Ils firent entrer en ligne de compte leurs
 relations personnelles auprès des autorités américaines, surtout
 auprès de notre grand ami, le colonel Frazer. Les premiers
 mutilés furent envoyés dans des hôpitaux militaires à Bar-le-
 Duc et à Commercy. Plus tard ce fut le 78 US General Hospital
 à Reims qui leur ouvrit ses portes, et qui ne les renvoya
 qu'après guérison complète. Plus de 100 malheureux ont re-
 trouvé la santé et simultanément le courage de vivre et l'espoir
 d'un avenir digne, qui se dessine comme le soleil levant à
 l'aube d'une matinée printanière.





Mir ruffen.

Mir ruffen!
 Mir ruffen ons Leit, de' dobausse nach stin,
 De' Dausend, de' nach vu Verlangre vergin,
 Mir ruffen!

Mir ruffe vill Dausend vun anere nach,
 Vun dene këmels onst Denke gewach
 We'nst hinnen ass munecher Hierz gebrach.

Mir ruffe no hinnen zo' jidwidder Stonn.
 Mir ruffe mat Léd an der Broscht an am Monn.
 All Wuert ass e We'! All Wuert get eng Wonn!


Mir ruffen vergiewens an onro'gen Drém...
 Si leien dobaussen am Sand an am Lém.
 'T kömmt kën vun hinnen no Letzebürg këm.

Mir ruffen...
 Si schlofen dobaussen en helge Schlof...
 Si schécke vum Himmel de Fridden erf.
 P. N.

d'Ligue
 un der
 Arbecht
 la Ligue
 au
 travail

*

PEL



Le Président de la Ligue „Ons Jongen“ *Steil Arthur*

OFFICE DES DOMMAGES DE GUERRE

NODEM d'Ligue „Ons Jongen“ an d'Liéwen geruff wor, mat dem Håptzweck fir de' mutile'ert Jongen ze suergen an och délweis de' Charge iwerholl hât, huet de Staat, sech senger Pflicht dénen ongle'ckleche Jongen vis-à-vis bewost, durch d'Schaffong vum Office des Dommages de Guerre (section médicale) et iwerholl, fir de Armst ze suergen. Domatter wor de Sté geluegt zur Realise'rong vun engem gro'ssen sozialen Problem. Fir d'Ligue „Ons Jongen“ wor dese Schrëtt schon voll a ganz ze begre'ssen. Trotzdem huet d'gesetzlech Basis, de' d'Ennerstetzongen définitiv festgeluegt hätt, gefélt, an den Service enger stärke Hand beduerft, fir eso' schnell ewe' me'glech den Opbau ze active'eren an onse Mutile'erten ennert d'Arm ze greifen. We' emmer, wana et gehéscht huet ze hëllef, wor et der Ligue me'glech. Leidd ze fannen, de' sech ganz an den Dengscht vun so' enger Aktio'n agesât hun. Durch d'Interventio'n vum Hér Director Gredt vum Office des Dommages de Guerre an dem Hér Robert Metz, dén dem Service des Mutilés de Guerre virstét, go'w dem Hér Arthur Steil, Président vun onser Ligue, de' verantwortungsvolle Posten fir sech onse mutile'erte Komeroden unzehuelen, iwerdroen. Voll a ganz ennerstetzt vun onsen Autorite'ten, war et him a kurzer Zeit me'glech, den Service op d'He'cht ze brengen an Honnerte vu Jongen zu hirem Recht ze verhëllef. Wann d'Festléong vun den Entschädigongen resp. Renten och nach ere'scht eng provisoersch Le'song fond huet, so' si mir dach iwerzég, datt a kurzer Zeit den Arrété erschengt, den onsen ongleckleche Komeroden fir all Zeit hir sozial Stellong séchert.

*

Après que la Ligue „Ons Jongen“ eut subvenu d'une large part aux besoins de nos mutilés de guerre, le gouvernement luxembourgeois a repris cette charge par la création de l'Office des Dommages de Guerre (section médicale). A ce moment notre Président M. Steil Arthur fut chargé de ce poste et c'est grâce à son intervention qu'une aide rapide a pu être portée à cette malheureuse jeunesse durement éprouvée à la suite d'un enrôlement forcé dans la Wehrmacht par décret du Gauleiter du 30. 8. 1942.

OFFICE NATIONAL DU TRAVAIL

WE' den 1. März 1945 onse Komerod Wohlfahrt Jos., membre-fondateur a vice-président du Comité central, op Virschlag vum Comité central, an am Averständnes vum Hér Arbeitsminister Krier, als Delege'erten vun der Ligue „Ons Jongen“ um „Office National du Travail“ charge'ert go'w. du waren d'Interessen vun onsen arbeitslo'sen Refractären a mutile'erten Komeroden beschtens geséchert.



élégé à l'Office National du Travail
Wohlfahrt Jos.

An onermiddlechem Schaffen zu jidder Zeit vum Hér Paul Wilwertz, Commissär um Arbechtsamt, appuye'ert, huet de Komerod Wohlfahrt eso' wuel am Op-ewe' am Ausbau vum „servicé du placement et de la rééducation professionnelle des invalides de guerre“ eng unerkenntswert Arbecht gelécht.

De Placement vun ongefe'er 200 mutile'erten Jongen an Gemengen- an Staatsverwaltongen (91 Mann op d'Eisebunn) an d'Vermöittelong vu mindestens 110 arbeitslo'sen Jongen sin, de jetzegen Emstänn Rechnung droend, én onverkennbaren Erfolleg.

Erfre'lech sin de' e'scht Resultater vun der Ömscho'long op de' divers frei Fachberuffer a virun allem d'Ömscho'longsmeglechkét an der Schweiz, wo' ongefe'er 15 Krichsinvaliden gratis emgeschult ginn.

D'Pourparlers matt onser Regirong hun an sozialer ewe' an sanitärer Hisicht zwar zu befriddegenden Resultater gefe'ert, mais d'Fro vun onsen arbeitslo'sen a mutile'erten Komeroden stét trotz allen Dëlle'songen nach emmer am Virdergronn.

Mir hoffen, datt ennert der direkter Matthëllef vun onser Regirong, d'Fuerderongen vun onser schwe'er gepre'fter Jugend zu enger allgemenger Befriddegong réalise'ert ginn.

*

LE 1^{er} mars 1945 notre camarade Jos. Wohlfahrt, membre fondateur et membre actif du Comité-Central, fut chargé en qualité de délégué de la Ligue „Ons Jongen“ auprès de l'Office National du Travail, sur la proposition du Comité-Central et avec l'accord formel de notre Ministre du Travail, Pierre Krier. Dès ce jour les intérêts de nos réfractaires chômeurs et de nos camarades mutilés étaient le mieux garantis.

Grâce son travail assidu et appuyé toujours et partout par M. Wilwertz, commissaire à l'Office National du Travail, notre camarade Wohlfahrt s'est bien mérité, tant de la création que de la réalisation du „Service du Placement et de la Rééducation Professionnelle des invalides de guerre“.

On peut dire que le placement, dans les diverses administrations de l'Etat et des communes, de 200 jeunes gens mutilés environ (dont 90 au chemin de fer) et le placement de 110 réfractaires sans travail, représente un succès incontestable en considérant les circonstances actuelles.

Aussi les premiers résultats de la rééducation professionnelle par rapport aux diverses professions libres, nous donnent une grande satisfaction, et avant tout la première possibilité de la rééducation professionnelle en Suisse où, à peu près de 15 invalides de guerre peuvent se perfectionner gratuitement dans d'autres professions. Il est vrai que les pourparlers avec notre Gouvernement ont eu

ger Thillen à la nos camarades



Secrétariat du Comité Central

des résultats satisfaisants tant au point de vue social que sanitaire, mais le problème de nos camarades mutilés et sans travail reste, malgré toutes les solutions partielles, au premier plan.

Nous espérons qu'à l'aide du secours direct de la part de notre Gouvernement, les réclamations de notre jeunesse si durement éprouvée, seront réalisées à la satisfaction de tous.

SERVICE DE RECHERCHES

NET vill manner Surgen we' de', de' ons Komeroden ons mâchen, de' no so' vill misère erem an ihrer Hémecht ukomm sinn, man ons de'jeneg, de' bis elo dat Gléck nach net hâten, aus der Friémt erem ze kommen. Nodém de' Tambower erem dohém sinn, félen nach ongefe'er 3000 Jongen an e puer Honnert KZler, Déporte'ert asw.

Fir no all dénen Perso'nen ze fûrschen, an dem Commissariat au Rapatriement an der Mission Militaire de' ne'deg Ennerlagen vun hirem Openthalt ze gin, huet d'Ligue „Ons Jongen“ en

JEUNES!

AVEZ-VOUS DES DIFFICULTÉS?
VOULEZ-VOUS UN CONSEIL UNE AIDE?


N'hésitez pas! Ecrivez ou adressez-vous immédiatement à la Ligue

«ONS JONGEN» · Comité Central
Boulevard Royal 45 à Luxembourg

égene Service de Recherches opgemâcht. (De Büro ass an der Casinosgâss, Nr. 12, Tel. 63 59). All Letzeburger a besonnesch de' Rapatrie'ert sollen ons durch de' Questionnairen, de' si all zo'geschecht kruten oder nach kre'en, sämtlech Donnéen gin, de' si iwer ons vermesst Komeroden wëssen. Och an de Gefângengelager an am Ausland stelle mir durch Avis'en an d'Zeidongen asw. Nofûrschungen un.

Den Service de Recherches, vum Komerod Jos. Donnersbach op d'Bén gestallt a gelét, kann trotz déne 7 Leidd, de' do beschäftegt sin, de' ongeheier Arbecht mat knapper No't bewältigen. An intimer Zesummenarbecht mat dem Commissariat au Rapatriement, der Mission Militaire an der Elternassociati'o'n hoffe mir, so' d'Schicksal vun onse Komeroden, de' bis elo onst Gléck nach net délen konnten, opzeklären.

Service de Rapatriement



A LA RECHERCHE DE NOS CAMARADES

„Ech kommen erôm, Jongen“, dât woren de' Wierder, de' onse Komerod, de Lt. Roger Thillen senge krichsgefängene Frönn démols, den 12. Mé 1945 zu Tambow versprach hât.

An hien huet Wuert gehâlen.

Kaum wor hien hei zu Letzeburg agelaf, kaum datt hien sech vu senge jorelânge Strapazen erholl hât, huet hien sech erôm op de Wé gemâch, fir seng Tambower Komeroden sichen ze goen, fir hinnen dé ne'dege Mutt zo'zespriechen, a fir se hém ze brengen. A Verbindong matt der „Association des Parents“, gestôtzt op d'Ligue „Ons Jongen“, ass hien Enn August zrêckgefueer an den Osten, an d'Ongewôssshét eran. Et wor net einfach, et wor gefe'erlech, dat wo'sst hien, mé hien ass trotzdem gefueer, aus rengem, aus purem Idealismus, an hien huet rëusse'ert.

Net eleng, datt et him gelongen ass, seng „Tam-

bower“ op der russescher Grenz bei Brest-Litovsk ofzefângen, mé schon an der Tschechoslowakei an a Polen hât hien dat gro'sst Gléck, muencher letzeburger Jong aus der Gefângenschaft ze befreien an sengen Elteren hémzeschécken. En Haptfaktor am Rosch senger Réussite war virun allem, datt hien sech an der allie'eter russescher Arme' geschloen huet als Zaldot an als Partisan, datt hien folglech d'russesch Sproch verstan an datt hien sech dem russesche Charakter, dem russesche Mönch upasse konnt.

Nodém datt den Tambower Transport hei ukomm ass, hu mir onse Komerod Rosch nuren e puer Dég an der Stad gesin. Momentan huet hien eng aner Missio'n: Des Ke'er durchkâmt hien d'Tschechei an d'Slowakei. Mir wönschen onsem Leitnant eng glécklech Fahrt a vill Chance a mir hoffen, datt hien och des Ke'er villen Elteren hir Jongen hémbrengt.

D'Zeidong

ONS JONGEN brengt

Interessenverriedong vum letzeburger Jonktem
de' interessanst Erliewnesser aus dem Krich
Publikatio'n vun denen am Krich gefalle Jongen
Enquêtes iwer all me'glech Problemer

- Ons Geschichten
- Ons Reportagen
- Ons Enquêtes
- Ons Biller an Zechnongen

De' sche'nst, interessants an bôllegst Zeidong! Fir Jonk an All

Abonné'ert «Ons Jongen» bei der Post

Ce numéro est édité par le journal "Ons Jongen," Rédaction: Boulevard Royal 45, Luxembourg · Mise en pages et présentation: Albert Bochet · Couverture: Pe'l Schlechter et Robert Lenz · Dessins: Pe'l Schlechter, Gaston Meyer · Photos: Bertogne, Tony Krier, Pitt Schneider, Alfred Kohl, Mirgain-Kill et Bern Bettendorffer · Impression: Imprimerie Fr. Bourg-Bourger, Avenue de la Liberté, Luxembourg

